B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*
# Kapitel 3

# Kapitel 3 Säit 49, Übung 4

*Sicht aktuell Preventionscampagnen am Internet. Sicht Iech eng eraus a stellt se an der Klass vir. Schafft a klenge Gruppen.*

E Modell fir d'Presentatioun:

**1. Beschreiwung vun der Affiche**

Mir hunn eng Affiche vun/iwwert ... erausgesicht.

Op der Affiche/Um Plakat gesäit een ...

An der Mëtt ass …

Riets/Lénks dovun ass …

Driwwer/Drënner steet de Slogan …

**2. Zil vun der Campagne**

An dëser Campagne geet et ëm ...

Mat dëser Campagne wëllt een ...

- op ... opmierksam maachen.
- virun ... warnen.
- de Risiko vun ... reduzéieren.
- op d'Gefore vun ... hiweisen.
- fir ... sensibiliséieren.

**3. Är Meenung zu der Campagne**

Mir hunn dës Affiche/dëst Plakat erausgesicht, well ...

Mir fannen dat ganz wichteg/wierklech sënnvoll / total iwwerflësseg, well …

A mengem Heemechtsland/An eisen Heemechtslänner spillt dëst Theema (k)eng wichteg Roll.

**4. Diskussioun**

Heimat ass eis Presentatioun fäerdeg. Merci fir d'Nolauschteren! Wëllt een eppes soen / eng Fro stellen/e Kommentar maachen?

# Kapitel 3 Säit 51, Übung 4

*Mat dëse Käertercher kann de Sazbau trainéiert ginn. D'Schüler sollen dee selwechte Saz op zwou verschidde Manéiere formuléieren a ginn esou nach eng Kéier drop higewisen, datt vill Elementer am Saz variabel sinn, mee d'Verb ëmmer op Positioun 2 ass.*

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Am Verkéier** | **muss** | **ee(n)** | **gutt** |
| **oppassen** | **.** | **Et** | **muss** |
| **ee(n)** | **gutt** | **am Verkéier** | **oppassen** |
| **.** | | | |
| **Op der Autobunn** | **kann** | **ee(n)** | **mat 130** |
| **fueren** | **.** | **Et** | **kann** |
| **ee(n)** | **mat 130** | **op der Autobunn** | **fueren** |
| **.** | | | |
| **Am Duerf** | **däerf** | **ee(n)** | **just** |

# Kapitel 3 Säit 51, Übung 4

| | | | |
|---|---|---|---|
| maximal 50 | fueren | . | Et |

| | | | |
|---|---|---|---|
| däerf | ee(n) | just | maximal 50 |

| | | | |
|---|---|---|---|
| am Duerf | fueren | . | |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Beim Vëlofuere | soll | ee(n) | ëmmer |

| | | | |
|---|---|---|---|
| e | Casque | undoen | . |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Et | soll | ee(n) | ëmmer |

| | | | |
|---|---|---|---|
| e | Casque | beim Vëlofueren | undoen |

| | | | |
|---|---|---|---|
| . | | | |

| | | | |
|---|---|---|---|
| Wann | et | däischter | ass |

| | | | |
|---|---|---|---|
| , | muss | ee(n) | d'Luuchten |

| | | | |
|---|---|---|---|
| **umaachen** | **.** | **Et** | **muss** |
| **ee(n)** | **d'Luuchten** | **umaachen** | **,** |
| **wann** | **et** | **däischter** | **ass** |
| **.** | | | |

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Wann** | **et** | **rout** | **ass** |
| **,** | **muss** | **ee(n)** | **stoe** |
| **bleiwen** | **.** | **Et** | **muss** |
| **ee(n)** | **stoe** | **bleiwen** | **,** |
| **wann** | **et** | **rout** | **ass** |
| **.** | | | |

# Kapitel 3 Säit 51, Übung 4

*All Schüler kritt eng Käertchen, entweeder mat engem „Wann-Saz“ oder mat engem „Dann-Saz“.*
*Et geet drëm, datt all Schüler e Partner fënnt, mat deem en e sënnvolle Saz bilde kann.*
*Déi ganz Klass muss also zesummeschaffen an déi bescht Kombinatioun fir jidderee sichen.*

| | | |
|---|---|---|
| Wann ech d’Trapen erofginn, … | Wann en Donnerwieder ass, … | Wann ech d’Pizza aus dem Schäffchen huelen, … |
| Wann ech e Bild ophänken, … | Wann ech an de Keller ginn, … | Wann ech eng Bier wiesselen, … |
| Wann ech mam Vëlo fueren, … | Wann ech d’Fënstere botzen, … | Wann ech Mëllech opkachen, … |
| Wann ech an der Bidde sëtzen, … | Wann ech aus der Bidde klammen, … | Wann d’Kanner am Schwammbaseng spillen, … |
| Wann ech grillen, … | Wann ech en elektreschen Apparat fl écken, … | Wann et geschneit huet, … |
| Wann ech Auto fueren, ... | Wann et rout ass, ... | Wann ech eng Pann mam Auto hunn, ... |
| Wann ech schlofe ginn, ... | Wann e Ball iwwert d’Strooss rullt, ... | |

| | | |
|---|---|---|
| ..., dann halen ech mech um Gelänner un. | ..., dann zéien ech de Stecker aus mengem Computer. | ..., dann doen ech Händschen un. |
| …, da passen ech mam Hummer op. | …, da maachen ech d’Luucht un. | …, da maachen ech d’Sicherung aus. |
| …, dann doen ech e Casque un. | …, da klammen ech op eng Leeder. | …, da bleiwen ech bei der Kachplack stoen. |
| …, da fönen ech mech net. | …, dann trëppelen ech op en Teppech. | …, da loossen ech si net eleng. |
| …, da stellen ech en Eemer Waasser prett. | …, dann zéien ech virdrun de Stecker eraus. | …, da maachen ech den Trottoir fräi. |
| ..., dann hunn ech keen Handy am Grapp. | ..., da ginn ech net iwwert d’Strooss. | ..., dann doen ech meng Warnwest un. |
| ..., da maachen ech all d’Käerzen aus. | ..., da bremsen ech direkt. | |

*1. Kuckt d'Biller an notéiert a Stéchwierder, wat do geschitt ass.*



*2. Maacht e fiktiivt Telefonsgespréich. D'Fra rifft op den 112 un a mellt den Noutfall. Denkt un déi fënnef wichteg Froen. Schwätzt den Dialog zu zwee.*

# Kapitel 3 Säit 55, Übung 16

*1. Liest déi direkt Froen a completéiert déi indirekt Froen.*

1. Wou ass mäin Auto geparkt?
   Ech weess net méi, wou mäin Auto geparkt ass.
2. Kënnt Dir mir hëllefen, wgl.?
   Ech wollt Iech froen, ................................................ .
3. Wéi ass dem Nadia seng Telefonsnummer?
   Kanns du mir soen, ................................................ ?
4. Wéini huet de Pol Gebuertsdag?
   Ech ka mech net méi erënneren, ................................................ .
5. Wou ass de Charel?
   Weess du, ................................................ ?
6. Firwat ass hien nach net hei?
   Ech froe mech, ................................................ .
7. Wéini kënnt den nächste Bus?
   Kéint Dir mir soen, ................................................ ?
8. Wéi vill Joer huet hien?
   Hues du eng Iddi, ................................................ ?

*2. Liest déi direkt Froen a formuléiert indirekt Froen.*

1. Firwat hunn ech ëmmer Verspéidung?
   De Marc freet sech, firwat hien ëmmer Verspéidung huet.
2. Nadine, wéi vill Auer ass et elo?
   ................................................
3. Wou ass mäin Autosschlëssel?
   ................................................
4. Hues du meng blo Jackett gesinn?
   ................................................
5. Ass vill Trafic op der Autobunn ëm dës Zäit?
   ................................................
6. Wat fir ee Wee ass am séiersten?
   ................................................
7. Kann een do gutt parken?
   ................................................
8. Kann ech däin Auto huelen?
   ................................................

# Kapitel 3 Säit 55, Übung 16

*Liest d'Froen a kräizt un, ob Dir d'Äntwert wësst oder net. Schwätzt duerno mat enger Persoun aus der Klass a frot Iech géigesäiteg, ob Dir d'Äntwerte wësst. Kuckt d'Beispill a benotzt indirekt Froen. Tauscht Iech duerno an der Klass aus, fir eng Äntwert op all d'Froen ze fannen.*

| | Ech | | Mäi Gespréichspartner | |
|---|---|---|---|---|
| | weess dat. | weess dat net. | weess dat. | weess dat net. |
| 1. Wéi vill Awunner huet Lëtzebuerg?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 2. Ass Lëtzebuerg dat klengst Land an der Europäescher Unioun?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 3. Wéi vill offiziell Sproochen huet Lëtzebuerg?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 4. Wéi heescht d'Lëtzebuerger Nationalhymn?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 5. Wat ass déi zweetgréisst Stad vu Lëtzebuerg?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 6. Mat wat fir engem Land huet Lëtzebuerg déi längst Grenz?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 7. Wou wunnt de Grand-Duc?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 8. Wéini gouf d'Schueberfouer gegrënnt?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 9. Firwat heescht d'Place Guillaume II „Knuedler" op Lëtzebuergesch?<br>Äntwert: ........ | | | | |
| 10. Zënter wéini ass den ëffentlechen Transport gratis zu Lëtzebuerg?<br>Äntwert: ........ | | | | |

*Beispill:*


A: Weess du, **wéi vill** Awunner Lëtzebuerg **huet**?

B: Jo, ech weess dat! Lëtzebuerg huet ongeféier ... Awunner. *oder* B: Nee, ech weess dat net.

B: Weess du, **ob** Lëtzebuerg dat klengst Land an Europa **ass**?

A: Jo, ech weess dat! ... ass nach méi kleng wéi Lëtzebuerg. *oder* A: Nee, ech weess dat net.

*Kuckt d'Illustratiounen a schreift dat richtegt Wuert bei d'Kierperdeeler.*



Aarm (M), Äerm
Bauch (M)
Been (N), Been
Fanger (M), Fangeren
Fouss (M), Féiss
Genéck (N)
Gesiicht (N)
Hals (M)
Hand (F), Hänn
Hëft (F), Hëften
Hënner (M)
Kapp (M)
Réck (M)
Rëpp (F), Rëpper
Schëller (F), Schëlleren
Wirbelsail (F)
Zéif (F), Zéiwen

## Schanken a Gelenker

Ielebou (M), Ielebéi

Handgelenk (N), Handgelenker



Knéi (M), Knéien

Foussgelenk (N), Foussgelenker

*Liest d'Stéchwierder. Maacht Sätz am Passiv an der Vergaangenheet wéi am Beispill.*

1. Zu London (Champions-League-Finall, spillen)
   Zu London ass d'Champions-League-Finall gespillt ginn.
   oder
   Zu London gouf d'Champions-League-Finall gespillt.
2. An den USA (neie President, wielen)
3. An Europa (neien Impfstoff, entwéckelen)
4. Zu Paräis (Notre-Dame, restauréieren)
5. A Brasilien (grouss Bëschflächen, ofholzen)
6. Zu Dubai (Pavillon fir d'Weltausstellung, opriichten)
7. Zu Stockholm (Nobelpräisser, iwwerreechen)
8. Zu Berlin (Tagebicher vun engem berüümte Filmstar, fannen)

*Wandelt d'Aktivsätz a Passivsätz ëm. Benotzt déi selwecht Zäit wéi am Aktivsaz.*

1. Wéinst der grousser Keelt verlängert d'Caritas d'Wanteraktioun bis Enn Abrëll.
2. D'nächst Woch test d'Santé all d'Mataarbechter vun der Firma op deen neie Virus.
3. Si hunn all d'Leit, déi zur Risikogrupp gehéieren, forméiert.
4. D'Police sicht am ganze Land den Automobilist, dee Farerflucht gemaach huet.
5. Zwee Abriecher hu Wäertsaachen an eng grouss Zomm Sue geklaut.

# Kapitel 3 Säit 61, Übung 5

*Liest d'Sätz mat Beispiller fir en onperséinleche Passiv.*
*Wat heescht dat a wéi kann een dat anescht soen? Schwätzt a klenge Gruppen a sicht Alternativen, fir dat auszedrécken.*

1. Hei gëtt Lëtzebuergesch geschwat.

   *Zum Beispill (jee no Kontext):*

   *Hei schwätze mer Lëtzebuergesch.*

   *Hei musst Dir Lëtzebuergesch schwätzen!*

   *Hei kënnt Dir Lëtzebuergesch schwätzen.*

2. Muer gëtt um 8 Auer ugefaangen.

   ..........................................................................................

3. Elo gëtt geschlof.

   ..........................................................................................

4. Hei gëtt net gefëmmt.

   ..........................................................................................

5. Et gëtt gesot, hie wär krank.

   ..........................................................................................

6. Et gëtt vill iwwert d'Ëmwelt geschwat.

   ..........................................................................................

7. Den Owend gëtt emol gerascht.

   ..........................................................................................

8. Et gëtt no der Madamm gesicht.

   ..........................................................................................

***Wiesselspill***

# Kopie A

*Sinn dës Informatioune korrekt? Iwwerpréift Är Hypotheesen an äntwert op d'Hypotheese vun Ärem Gespréichspartner. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

Dir hutt dës Informatiounen héieren. Frot Äre Gespréichspartner, ob dat stëmmt.

1. An der Stad gëtt en neien Theater gebaut.
2. An der Haaptstrooss gi 50 nei Beem geplanzt.
3. D'Kierch um Belair gëtt restauréiert.
4. D'Gemengenhaus gëtt renovéiert.
5. Um Glacis gëtt en Héichhaus gebaut.

*Beispill:*
**A: Ech hunn héieren, datt en neien Theater an der Stad gebaut gëtt. Stëmmt dat?**
B: Nee, dat stëmmt net. Et gëtt en neit Kulturhaus gebaut.

Äre Gespréichspartner huet och Informatiounen héieren, déi net stëmmen. Korrigéiert seng Informatiounen!

6. ~~d'Eckhaus um Glacis verkafen~~ – d'Eckhaus op der Stäreplaz verkafen
7. ~~de Boulevard Royal méi breet maachen~~ – d'Rout Bréck méi breet maachen
8. ~~den Zuchreseau ausbauen~~ – de Busreseau ausbauen
9. ~~méi Busspuere maachen~~ – méi Vëlosspuere maachen
10. ~~den INL vergréisseren~~ – d'Gare vergréisseren

*Beispill:*
B: Ech hunn héieren, datt dat grousst Eckhaus um Glacis verkaf gëtt. Stëmmt dat?
**A: Nee, dat stëmmt net. Mee et gëtt e grousst Eckhaus op der Stäreplaz verkaf.**

# Kapitel 3 Säit 61, Übung 5

***Wiesselspill***

# Kopie B

*Sinn dës Informatioune korrekt? Iwwerpréift Är Hypotheesen an äntwert op d'Hypotheese vun Ärem Gespréichspartner. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

Dir hutt dës Informatiounen héieren. Frot Äre Gespréichspartner, ob dat stëmmt.

6. Dat grousst Eckhaus um Glacis gëtt verkaf.
7. De Boulevard Royal gëtt méi breet gemaach.
8. Den Zuchreseau gëtt ausgebaut.
9. Et gi méi Busspuere gemaach.
10. Den INL gëtt vergréissert.

*Beispill:*

**B: Ech hunn héieren, datt dat grousst Eckhaus um Glacis verkaf gëtt. Stëmmt dat?**

A: Nee, dat stëmmt net. Mee et gëtt e grousst Eckhaus op der Stäreplaz verkaf.

Äre Gespréichspartner huet och Informatiounen héieren, déi net stëmmen. Korrigéiert seng Informatiounen!

*Beispill:*

A: Ech hunn héieren, datt en neien Theater an der Stad gebaut gëtt. Stëmmt dat?

**B: Nee, dat stëmmt net. Et gëtt en neit Kulturhaus gebaut.**

1. ~~en neien Theater an der Stad bauen~~ – en neit Kulturhaus an der Stad bauen
2. ~~an der Haaptstrooss 50 nei Beem planzen~~ – an der Haaptstrooss zéng nei Beem planzen
3. ~~d'Kierch um Belair restauréieren~~ – d'Kierch zu Hollerech restauréieren
4. ~~d'Gemengenhaus renovéieren~~ – de Bierger-Center renovéieren
5. ~~um Glacis en Héichhaus bauen~~ – um Glacis en ënnerierdesche Parking bauen

# Kapitel 3 Säit 61, Übung 5

## *1. Liest d'Sätz a completéiert se mat enger Persoun.*

1. D'Schüler kréien den Exercice (vum Proff) erkläert.
2. Den Här Molitor huet en Zant (.....................................) gerappt kritt.
3. D'Police kritt all d'Detailer (.....................................) erzielt.
4. D'Famill kritt finanziell (.....................................) gehollef.
5. D'Touriste kruten d'Stad (.....................................) gewisen.
6. Meng Mamm krut Blumme fir Mammendag (.....................................) geschenkt.
7. D'Schüler kruten hir Diplomer (.....................................) iwwerreecht.

## *2. Setzt d'Sätz duerno an d'Aktivform.*

..........................................................................................................................................

..........................................................................................................................................

..........................................................................................................................................

..........................................................................................................................................

..........................................................................................................................................

..........................................................................................................................................

..........................................................................................................................................

## *3. Wandelt d'Aktivsätz a Passivsätz ëm.*

1. D'Direktioun huet de Bewunner vum Altersheem déi gutt Nouvelle matgedeelt.

   ..........................................................................................................................................

2. D'Employéë reprochéieren hirem Chef, datt hie sech net genuch fir si asetzt.

   ..........................................................................................................................................

3. Benevole Mataarbechter hunn de Leit d'Akeef direkt heem geliwwert.

   ..........................................................................................................................................

4. D'Police huet der alkoholiséierter Fra de Fürerschäin direkt ofgeholl.

   ..........................................................................................................................................

5. Onbekannt Täter hunn dem Premierminister säi Vëlo futti gemaach.

   ..........................................................................................................................................

# Kapitel 3 Säit 61, Übung 5

*1. Liest de Vocabulaire, kuckt onbekannt Wierder no a klasséiert d'Wierder ënnert* Abroch, Brand, Accident *an* Hëllef. *Schafft a klenge Gruppen.*

abriechen
Abriecher
Abroch
Accident
Affer
a Flame stoen
ageklemmt
Ambulanz
arennen
auswäichen
blesséiert
Brand
Brandstëfter
brennen
Broch
Bunn
Déif
Doudesaffer
ëm d'Liewe kommen
ëmkommen
erausschleideren
erausschneiden
Feier
Flamen
gespaart
klauen
knuppen
läschen
leiebleiwen
liicht
Ongléck
Pompjeeën
Prellungen
rabbelen
Rettungshelikopter
SAMU
schwéier
Spuer
Täter
uerg
un d'Rutsche kommen
un d'Schleidere kommen
Verbriechen
Verbriecher
Verkéiersdoudeger
verletzt
verwonnt
ze pake kréien

*2. Äntwert op d'Froen oder completéiert d'Sätz mat deem richtege Vocabulaire.*

1. Wie ka bei engem Accident hëllefe kommen? Nennt dräi Beispiller.
2. Nennt zwee Synonymmer vu „blesséiert"?
3. Op enger Landstrooss ginn et normalerweis zwou .........................................
4. Bei engem Verbrieche gëtt et en Täter an en .........................................
5. Een, deen express e Brand leet ass e .........................................
6. Sot dëse Saz anescht: D'Persoun ass bei engem Accident gestuerwen.
7. Wann den Accident net liicht war, da war en ......................................... Nennt dräi Adjektiver.
8. Wat fir Verletzunge kennt Dir? Nennt der op d'mannst zwou.
9. Wat kann een ze pake kréien? Nennt dräi Beispiller.
10. Wann Dir an den Noriichten héiert „Et huet gerabbelt", wat heescht dat?
11. Wann Dir an den Noriichten héiert „D'Haus stoung a Flamen", wat heescht dat?
12. Wann Dir an den Noriichten héiert „Den Automobilist huet net stall gehalen", wat heescht dat?

*3. Schreift zwou Noriichten aus de Fait-diversen. Benotzt dofir de Vocabulaire aus den Übungen 1 an 2.*

B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 3

## *1. Liest déi direkt Froen a completéiert déi indirekt Froen.*

1. Ech weess net méi, **wou mäin Auto geparkt ass.**
2. Ech wollt Iech froen, **ob Dir mir hëllefe kënnt.**
3. Kanns du mir soen, **wéi dem Nadia seng Telefonsnummer ass?**
4. Ech ka mech net méi erënneren, **wéini de Pol Gebuertsdag huet.**
5. Weess du, **wou de Charel ass?**
6. Ech froe mech, **firwat hien nach net hei ass.**
7. Kéint Dir mir soen, **wéini den nächste Bus kënnt?**
8. Hues du eng Iddi, **wéi vill Joer hien huet?**

## *2. Liest déi direkt Froen a formuléiert indirekt Froen.*

1. De Marc freet sech, firwat hien ëmmer Verspéidung huet.
2. Hie freet d'Nadine, wéi vill Auer et elo ass.
3. Hien huet keng Anung, wou säin Autosschlëssel ass.
4. Hie freet d'Nadine, ob hatt seng blo Jackett gesinn huet.
5. Hie wëllt wëssen, ob vill Trafic op der Autobunn ëm dës Zäit ass.
6. Hie weess net, wat fir ee Wee am séiersten ass.
7. Hie freet sech, ob een do gutt parke kann.
8. Hie freet d'Nadine, ob hie säin Auto huele kann.

*Liest d'Froen a kräizt un, ob Dir d'Äntwert wësst oder net. Schwätzt duerno mat enger Persoun aus der Klass a frot Iech géigesäiteg, ob Dir d'Äntwerte wësst. Kuckt d'Beispill a benotzt indirekt Froen. Tauscht Iech duerno an der Klass aus, fir eng Äntwert op all d'Froen ze fannen.*


1. Lëtzebuerg huet 626.157 Awunner. (Stand Juli 2020)
2. Nee, Malta ass nach méi kleng wéi Lëtzebuerg.
3. Lëtzebuerg huet dräi offiziell Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch.
4. D'Lëtzebuerger Nationalhymn heescht „Ons Heemecht".
5. Déi zweetgréisst Stad vu Lëtzebuerg ass Esch-Uelzecht.
6. Déi längst Grenz huet Lëtzebuerg mat der Belsch, nämlech 148 km. D'Grenz mat Däitschland ass 135 km laang an déi mat Frankräich huet just 73 km.
7. De Grand-Duc wunnt zu Colmer-Bierg.
8. D'Schueberfouer gouf 1340 gegrënnt.
9. Op där Plaz war fréier e Franziskanerklouschter. Den Numm kënnt vun de Kniet, déi d'Franziskaner un hirer Kordel haten.



10. Den ëffentlechen Transport ass zënter dem 1. Mäerz 2020 gratis zu Lëtzebuerg.

# Kapitel 3 Säit 57, Übung 3

*Kuckt d'Illustratiounen a schreift dat richtegt Wuert bei d'Kierperdeeler.*




Aarm (M), Äerm
Bauch (M)
Been (N), Been
Fanger (M), Fangeren
Fouss (M), Féiss
Genéck (N)
Gesiicht (N)
Hals (M)
Hand (F), Hänn
Hëft (F), Hëften
Hënner (M)
Kapp (M)
Réck (M)
Rëpp (F), Rëpper
Schëller (F), Schëlleren
Wirbelsail (F)
Zéif (F), Zéiwen

## Schanken a Gelenker

Ielebou (M), Ielebéi

Handgelenk (N), Handgelenker



Knéi (M), Knéien

Foussgelenk (N), Foussgelenker

*Liest d'Stéchwierder. Maacht Sätz am Passiv an der Vergaangenheet wéi am Beispill.*

1. Zu London ass d'Champions-League-Finall gespillt ginn. / Zu London gouf d'Champions-League-Finall gespillt.
2. An den USA ass en neie President gewielt ginn. / An den USA gouf en neie President gewielt.
3. An Europa ass en neien Impfstoff entwéckelt ginn. / An Europa gouf en neien Impfstoff entwéckelt.
4. Zu Paräis ass d'Notre-Dame restauréiert ginn. / Zu Paräis gouf d'Notre-Dame restauréiert.
5. A Brasilie si grouss Bëschflächen ofgeholzt ginn. / A Brasilie goufe grouss Bëschflächen ofgeholzt.
6. Zu Dubai ass de Pavillon fir d'Weltausstellung opgeriicht ginn. / Zu Dubai gouf de Pavillon fir d'Weltausstellung opgeriicht.
7. Zu Stockholm sinn d'Nobelpräisser iwwerreecht ginn. / Zu Stockholm goufen d'Nobelpräisser iwwerreecht.
8. Zu Berlin sinn d'Tagebicher vun engem berüümte Filmstar fonnt ginn. / Zu Berlin goufen d'Tagebicher vun engem berüümte Filmstar fonnt.

*Wandelt d'Aktivsätz a Passivsätz ëm. Benotzt déi selwecht Zäit wéi am Aktivsaz.*

1. Wéinst der grousser Keelt gëtt d'Wanteraktioun bis Enn Abrëll verlängert.
2. D'nächst Woch ginn all d'Mataarbechter vun der Firma op deen neie Virus getest.
3. All d'Leit, déi zur Risikogrupp gehéieren, goufen informéiert. / All d'Leit, déi zur Risikogrupp gehéieren, sinn informéiert ginn.
4. Den Automobilist, dee Farerflucht gemaach huet, gëtt am ganze Land gesicht.
5. Wäertsaachen an eng grouss Zomm Sue goufe geklaut. / Wäertsaachen an eng grouss Zomm Sue si geklaut ginn.

# Kapitel 3 Säit 61, Übung 5

*Liest d'Sätz mat Beispiller fir en onperséinleche Passiv.*
*Wat heescht dat a wéi kann een dat anescht soen? Schwätzt a klenge Gruppen a sicht Alternativen, fir dat auszedrécken.*

*Zum Beispill (jee no Kontext):*

1. Hei schwätze mer Lëtzebuergesch. / Hei musst Dir Lëtzebuergesch schwätzen! / Hei kënnt Dir Lëtzebuergesch schwätzen.
2. Muer fänke mir um 8 Auer un. / Muer musse mir um 8 Auer ufänken. / Muer musst Dir um 8 Auer ufänken.
3. Elo musst dir schlofen. / Elo wëll ech schlofen.
4. Hei däerf een net fëmmen. / Hei däerfs du net fëmmen.
5. D'Leit soen, hie wär krank. / Si soen, hie wär krank.
6. D'Leit schwätze vill iwwert d'Ëmwelt. / Mir schwätze vill iwwert d'Ëmwelt.
7. Den Owend wëll ech emol raschten. / Den Owend solls du emol raschten.
8. Si sichen no der Madamm. / D'Police sicht no der Madamm.

# Kapitel 3 Säit 61, Übung 5

## *1. Liest d'Sätz a completéiert se mat enger Persoun.*

*Zum Beispill:*

1. D'Schüler kréien den Exercice (**vum Proff**) erkläert.
2. Den Här Molitor huet en Zant (**vun der Zänndoktesch**) gerappt kritt.
3. D'Police kritt all d'Detailer (**vum Zeien**) erzielt.
4. D'Famill kritt finanziell (**vum Staat**) gehollef.
5. D'Touriste kruten d'Stad (**vum Guide**) gewisen.
6. Meng Mamm krut Blumme fir Mammendag (**vu mir**) geschenkt.
7. D'Schüler kruten hir Diplomer (**vun der Direktesch**) iwwerreecht.

## *2. Setzt d'Sätz duerno an d'Aktivform.*

1. De Proff erkläert de Schüler den Exercice.
2. D'Zänndoktesch huet dem Här Molitor en Zant gerappt.
3. Den Zeien erzielt der Police all d'Detailer.
4. De Staat hëlleft der Famill finanziell.
5. De Guide huet den Touristen d'Stad gewisen.
6. Ech hu menger Mamm Blumme fir Mammendag geschenkt.
7. D'Direktesch huet de Schüler hir Diplomer iwwerreecht.

## *3. Wandelt d'Aktivsätz a Passivsätz ëm.*

1. D'Bewunner vum Altersheem kruten déi gutt Nouvelle vun der Direktioun matgedeelt. /
   D'Bewunner vum Altersheem hunn déi gutt Nouvelle vun der Direktioun matgedeelt kritt.
2. De Chef kritt vun den Employéeë reprochéiert, datt hie sech net genuch fir si asetzt.
3. D'Leit kruten hir Akeef vu benevolle Mataarbechter direkt heem geliwwert. /
   D'Leit hunn hir Akeef vu benevolle Mataarbechter direkt heem geliwwert kritt.
4. Déi alkoholiséiert Fra krut de Fürerschäin direkt vun der Police ofgeholl. /
   Déi alkoholiséiert Fra huet de Fürerschäin direkt vun der Police ofgeholl kritt.
5. De Premierminister krut vun onbekannten Täter säi Vëlo futti gemaach. /
   De Premierminister huet vun onbekannten Täter säi Vëlo futti gemaach kritt.

# Kapitel 3 Säit 61, Übung 5

*1. Liest de Vocabulaire, kuckt onbekannt Wierder no a klasséiert d'Wierder ännert* Abroch, Brand, Accident *an* Hëllef. *Schafft a klenge Gruppen.*

*Zum Beispill:*

**Abroch**
abriechen
Abriecher
Abroch
Déif
klauen
Spuer
Affer
Täter
Verbriechen
Verbriecher

**Hëllef**
Ambulanz
Rettungshelikopter
SAMU
Pompjeeën

**Brand**
a Flame stoen
Brand
Brandstëfter
brennen
Feier
Flamen
ëm d'Liewe kommen
ëmkommen
läschen
Pompjeeën
Ongléck
schwéier
uerg
verletzt
verwonnt

**Accident**
Affer
Accident
Ongléck
ageklemmt
un d'Schleidere kommen
arennen
auswäichen
blesséiert
Broch
Bunn/Spuer
Doudesaffer
ëm d'Liewe kommen
ëmkommen
erausschleideren
erausschneiden
gespaart
knuppen
leiebleiwen
liicht
Ongléck
Prellungen
rabbelen
schwéier
uerg
un d'Rutsche kommen
Verkéiersdoudeger
verletzt
verwonnt
ze pake kréien
Pompjeeën

*2. Äntwert op d'Froen oder completéiert d'Sätz mat deem richtege Vocabulaire.*

1. SAMU, Ambulanz (Sanitäter), Rettungshelikopter, Pompjeeën
2. verwonnt, verletzt
3. zwou Bunnen / zwou Spueren
4. Affer
5. Brandstëfter
6. Si ass ëmkomm. / Si ass leiebliwwen. / Si ass ëm d'Liewe komm.
7. schwéier, uerg, schro
8. Broch, Prellung, Verbrennung
9. e Bam, e Potto, en aneren Auto, e Foussgänger
10. Et ass en Accident geschitt.
11. D'Haus huet gebrannt.
12. Hien ass net stoe bliwwen.